LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le - 2 SEP. 2019

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
02 SEP. 2019

Objet : Question parlementaire n°964 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°964 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

Réponse de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n°964 du 25 juillet 2019 de l'honorable Député Monsieur Jeff Engelen

Obwuel d'Elementer zu deene vum honorablen Deputéierte gefroten Informatioune schon an der parlamentarescher Ufro n°735 matgedeelt goufen, sinn dëss hei drënner nach emol opgefouert.

1. **Wéi sinn déi eenzel Stonnen, an deenen déi betraffe Wandmillen wéinst dem Roude Schéierschwanz mussen unhalen, genee festgeluecht?**

   Déi konkret Konditiounen ënnert deenen déi Wandrieder autoriséiert ginn, sinn ëmmer standuert-spezifesch a virun allem spezifesch op déi präsent Aarten ofgestëmmt. Fir de Roude Schéierschwanz bedeit dat, datt d'Wandrad dagsiwwer ausgeschalt muss ginn, an zwar zum Zäitpunkt vu Buedemaarbechten, vum Méinen oder vun der Recolte bis déi fënnef Deeg duerno, well dëst de Roude Schéierschwanz unzitt. Des Konditioun baséiert op wëssenschaftlechen Erkenntnisser aus dem An- an Ausland.

2. **Wie kënnt fir dëse finanzielle Verloscht op?**

3. **Wéi gëtt dëse berechent?**

   Am Kader vun der "Evaluation des incidences" (EIE) fënnt am Virfeld vun all Projet e sougenannte Scopingtermin statt, wou all Acteuren an Verwaltungen un engem Dësch sëtzen a méiglech Aschränkungen am Viraus fir all Wandrad detektéiert ginn.

   Et ass also um Bedreiwer selwer fir seng Wirtschaftlechkeetsberechnung deementspriechend opzestellen, respektiv ze adaptéieren. D'Konditioune fir eng Autorisatioun ze kréie sinn am Virfeld bekannt an de Bedreiwer huet d'Wiel ob hien de Projet mat de bekannte Konditioune wëll duerchzéien oder net. Vun engem finanzielle Verloscht kann deemno net riets sinn.

4. **Sinn déi Stonnen esou berechent, datt d'Sécherheet fir d'Vulle garantéiert ass, oder kéint de Roude Schéierschwanz trotzdem nach zu aneren Dageszäiten dem Rotor zum Affer falen?**

Wéi ënnert dem Punkt 1. erwäänt, baséiert d'Konditioun vum Ausschalte vum Wandrad, dagsiwwer a wärend fënnef Deeg, op wëssenschaftlechen Erkenntnisser aus dem An- an Ausland. Des Konditioun viséiert de Risiko, datt ee Roude Schéierschwanz mat engem Wandrad kollidéiert, quasi op Null ze setzen. Ee Reschtrisiko bleift awer ëmmer bestoen.